Esch-Uelzecht, den 21. am Spierkel 2007

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 FEV. 2007
Q 1578

Här
Lucien Weiler
President vun der
Deputéiertechâmber
19 um Krautmaart
Lëtzebuerg

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Ufro un den Här Minister vun der sozialer Sëcherheet weider ze leeden:

An der Diskussioun si momentan esouwuel den Eeenheetsstatut fir d'Salarieeën aus dem Privatsekteur, mat als eng vu séngen Zielsetzungen d'Fusioun vun de Pensiounskeessen, wéi awer och en neit Scheedungsgesetz.

D'Scheedungsgesetz huet als Zielsetzung, d'Ongerechtegkeeten bei enger Scheedung aus der Welt ze schaafen, fir datt béid ehemooleg Liewespartner och no der Scheedung en mënschewierdegt Liewe kënne féieren.

Am Gespréich ass doofir de Splitting vun de Rentenusprëch, den awer bei Bezéier vun Mindestrenten éischter méi sozial Problemer schaaft, wéi en der léist.

Et gi Wéer gesicht, fir dëst ze verhënneren. D'Krankenofsëcherung fir d'Famill zum Besipill, gëtt vun engem Familjenernährer garantéiert, wann de Liewespartner keen eegent Akommes huet.

Kann den Här Gesondheetsminister mer duerfir dës Froe beäntwerten:

1. Wier ët nët méiglech, iwwer de Beitrag un d'Pensiounskeessen, genau wéi beim Krankekeessebeitrag, och den Liewespartner, deen keen eegent Akommes huet, fir séng eegen Pensiounsrechter ofzesëcheren, während der Period vum Zesummeliewen?

2. Wier dëst nët eng Mesure, déi d'Sozialpartner kënnten am Zesummenhang mat der Fusioun vun de Pensiounskeessen

diskutéieren, fir iwwer dee Wee och eng eenheetlech sozial Ofsëcherung fir d'Famill anzeféieren?

3. Wier et nët och sënnvoll, nodem datt d'Soziabeiträg bei de Krankekeessen am Privatsektor sollen harmoniséiert ginn, an déi bei de Pensiounskeessen et scho sinn, iwwert een eenheetlechen Sozialbeitrag insgesamt ze diskutéieren, well jo d'Sozialbeiträg vun de Kranken- a Pensiounskeessen um Bruttoakommes berechent ginn, mam langfristegen Objektiv ob nach just eng Sozialversëcherungskeess?

Mat déiwem Respekt

Aly Jaerling
Deputéierten